



6. Dépôt d'une proposition de révision de la Constitution par M. Léon Gloden

Da géif ech d'Wuert ginn un den honorabelen Här Léon Gloden fir den Depot vun enger Proposition de loi. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Léon Gloden** (CSV).- Merci, Här President. Am Numm vun der Institutionskommissioun deposéieren ech hei d'Proposition de révision vum Kapitel 6 vun der Chamber. Dat ass d'Kapitel iwwert d'Justiz, wou dann och déi éischte Kéier an der Geschicht vu Lëtzebuerg d'Indépendance vun der Justiz an der Verfassung verankert gëtt.

Dës Proposition de loi ass vu mir als Auteur ënnerschriwwen a cosignéiert vun de sougenannte Korapportere Simone Beissel, Mars Di Bartolomeo a Charles Margue.

7575 - Proposition de révision du Chapitre VI. de la Constitution

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Gloden.

7. Débat sur le Programme de stabilité et de croissance (PSC) et sur le Programme national de réforme (PNR)

Den éischte Punkt vum Ordre du jour vun haut ass d'Debatt iwwert de Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm, PSC, souwéi iwwert den nationale Reformprogramm PNR. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den honorabelen Här Roth, den Här André Bauler, den Här Claude Haagen, den Här François Benoy, den Här Roy Reding, den Här Marc Baum, den Här Sven Clement an den Här Wiseler.

Mir héiere fir d'éischt den Exposé vum Här Finanzminister Pierre Gramegna iwwert de Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm, de PSC. Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

Exposés

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären Deputéierten, léiwe Regierungskolleg Franz Fayot, de PSC, de Pacte de stabilité et de croissance vun dësem Joer ass vun enger ganz spezieller Natur. An dofir, mengen ech, ass et eng ganz gutt Saach, dass mer dat dës Kéier an enger Pleniëre kënne mateneen diskutéieren.

De Coronavirus huet villes geännert. De Coronavirus ka vläicht gläichgesat gi mat enger Naturkatastroph. Et ass e Phänomeen, dee kee konnt virausgesinn. An et ass e Phänomeen, iwwert deem de Mënsch keng Kontroll huet. An dofir huet d'Regierung och séier reagéiert a fir d'éischte Kéier an eiser Geschicht säit dem Zweete Weltkrich den État de crise ausgeruff, mam Accord vun Parlament.

Mir hu verschidde Saache gemaach. Mir hunn en Appell lancéiert, dass d'Leit sollen doheem bleiwen. Vill Betriber hu missen zoumaachen. An et gouf nach just eng Prioritéit an deenen éischten Deeg a Wochen, an dat war d'Gesondheet. Dat war eng richtig Decisioun. Anescht wéi a villen anere Länner huet Lëtzebuerg ganz séier reagéiert a mir kënnen haut zrëckkucken a soen, dass eis Spideeler net iwwerlief waren an dass eis Patienten eng Qualitéitsbetreiung kruten.

Fir d'EU a fir Lëtzebuerg war et wichteg, séier ze reagéieren. Mir hu konsequent Mesurë geholl, a Rekordzäit, wat natierlech och e grouss Käschtepunkt mat sech bruecht huet. D'Europäesch Kommissioun huet ganz séier och gemierkt a reagéiert, well an alle Länner esou Urgencemesuren hu mussen geholl ginn. An dofir ass, op Propos vun der Kommissioun an och unanime vun allen EU-Memberstaaten, d'„escape clause“ ugehall ginn. Dat ass eng Clause de récession op Franséisch, déi et erlaabt, de Stabilitéits- a Wuesstumspakt, PSC, wéi mir en nennen, a klammereen ze setzen.

Wat heescht dat? Et heescht, dass fir d'Joer 2020 d'Ziler, déi mer gutt kennen, vum PSC, net brauchen agehalen ze ginn. De Semestre européen geet awer weider. Dofir presentéiert och de François Fayot herno de Programme national de réforme, deen an deem Kader gemaach gëtt. An dat beweist, dass, obwuel mer dee Programm all zesummen a Klammere gesat hunn, mer eis nach ëmmer an engem europäesche Kader beweegen. An dat ass och gutt esou, dass mer an engem europäesche Kader sinn, wann een eng gemeinsam Wärgung huet.

Déi Ziler, déi mer missten errechen, déi kennt Der allegueren. Ech hu se säit siwe Joer all Kéiers hei widerholl. Mir hunn en Objectif de moyen terme vu plus 0,5 % vun eisem PIB. D'Schold am Zentralstaat, och am Gesamtstaat, därerf net iwwer 60 % goen. An den Defi-

zit vum Staat därerf net ënner minus 3 % sinn. Lëtzebuerg ass dat eenzegt Land an der EU, wat dat ëmmer respektéiert huet.

Mee dëst Joer wäerte mer dat net fäerdegbréngen. Dofir ass et jo och gutt, dass dat en parenthesis gesat ginn ass, well mir brauchen eng exceptionnel Flexibilitéit an dëser Phas. A Lëtzebuerg notzt déi Flexibilitéit aus a wäert se och an Zukunft an den nächsten Deeg a Wochen nach weider ausnotzen. Mir hunn och, au niveau national, dann eng formell Decisioun geholl, de Pacte de stabilité et de croissance a Klammereen ze setze fir d'Joer 2020, an hunn och de Conseil national des finances publiques doriwwer informéiert.

Meng Presentatioun ass an dräi Deeler. Fir d'éischt ginn ech op de makroekonomesche Kontext an; am zweeten Deel géif ech e Resümee vum Stabilitéitspak beschreiwen, an am drëtten Deel dann d'Zifferen vum PSC 2020 virstellen.

Fir d'éischt de makroekonomesche Kontext. Et brauch ee kee Bild ze molen iwwert d'Wirtschaftslag vun Europa a vun all deene Länner, déi vum Coronavirus getraff gi sinn. Et brauch een nëmmen aus der Fënster ze kucken oder duerch en Duerf oder duerch eng Stad ze trëppelen, fir ze gesinn, wat et heescht, wann een en Deel oder e groussen Deel vun de Butteker zoomécht. Vun engem Wuesstum kann do jo keng Ried méi sinn. Mir schwätzen da vun engem negative Wuesstum. Dat ass jo dann eng Rezessioun, e Recul.

De Statec huet Prognose gemaach. Och international Organisatiounen hunn der gemaach. Ech géif gäre fir d'éischt déi vum Fonds monétaire international virausschécken, well dat déi éischt waren, déi erauskomm sinn. Deen huet fir d'Eurozon eng Rezessioun, also en negative Wuesstum, vu minus 7,5 % virgesinn, a fir Lëtzebuerg eng negativ Croissance vu minus 4,9. U sech daitlech besser wéi eis dräi Nopeschlänner. Dat sinn d'Prognose vum Fonds monétaire international.

Ech géif gären dem Statec Merci soen, deen a Rekordzäit nei Prognosen och gemaach huet, an zwar och nach op eng innovativ Manéier, op déi de François Fayot och warscheinlech nach wäert agoen, och eng Bottom-up-Anproche, dat heescht vu Secteuren erop, fir auszurechnen, wat eis Croissance kéint sinn. An de Statec kënnt op d'Resultat, dass seng Prognos fir eise Wuesstum fir 2020 minus 6 % ass.

Dat ass de Basiszenario, deen de Statec zrëckbehalen huet. Dat ass och deen, op deen d'Regierung an de Finanzministère dann hir Prognosen opgebaut hunn an dann och de PSC opgebaut hunn.

De Statec huet awer a senger Weisheet och e méi schlëmmen Zenario virgesinn, wou d'Rezessioun, vun där kee Mënsch weess, wéi laang se wäert daueren, méi laang ass. An dann ass natierlech d'Resultat, dass de Wuesstum nach méi fällt. D'Resultat wär dann eng Baisse vu minus 12 %. Wa Lëtzebuerg minus 12 kritt, da brauch ech lech net ze molen, wat aner Länner kréien. Mee mir hunn eis, sou wéi vill aner Länner, op dee Basiszenario fokusséiert.

A mir sinn och raisonnablement optimistes, dass mer an deem Zenario kënne bleiwen, well mer alles gemaach hunn, fir deem anere ganz negativen ze entgoen, an et eis Politik war an allen Decisiounen, déi mer geholl hunn, fir eng zweet Well vum Coronavirus, wann esou eng géif kommen, kënnen ze meeschteren.

Minus 6 % an engem Joer, dat ass méi schlëmm wéi an der Kris 2008-2009, wou eise PIB minus 4,4 % gefall war. An dëser also minus 6.

Entspriechend ginn eng ganz Retsch aner Parameteren anescht. Den Emploi stagnéiert praktesch am Joer 2020, amplaz dass en 3 % wüsst. Den Emploi (veuillez lire: De Chômage), amplaz stabil ze sinn oder licht zrëckzegoen, geet erop op 6,7 % fir d'Joer 2020. An eng ganz Retsch aner Parameteren ännere sech en paralèle.

D'Kris ass dës Kéier, anescht wéi 2008, vun der Realwirtschaft ausgaangen. Dat ass och normal. D'Butteker hu mussen zoumaachen. Ganz Secteuren hu mussen zoumaachen. Dofir huet natierlech dat, wat een d'Realwirtschaft nennt, am éischte gelidden.

De Finanzsektor, deen à l'origine vun der Kris vun 2008 war, ass indirekt natierlech impaktéiert, mee ass en fait relativ stabil de Moment an ass en Deel vun der Léisung. An dat gesäit een och, an ech wäert nach dorop zrëckkommen, un deem Accord, dee mer mam Secteur financier gemaach hunn, fir Moratoiren a Préten ze maachen.

D'Finanzplaz, déi zwësche 25 % an 30 % vun eisem Räichtum ausmécht an zu deem bäidréit, also zwëschen engem Véierel an 30 %, ass e Secteur, deen an dëser Kris relativ besser ewechkënn wéi aner. An dat wäert eis natier-

lech och hëllefen an dëser Kris, fir hoffentlech e bësse männer impaktéiert ze gi wéi aner Länner.

Fir d'Joer 2021 seet oder pronostiquéiert de Statec, dass de Wuesstum soll plus 7 % sinn. Ech hu scho vill Kommentaren iwwert déi Ziffer kritt; dass déi vläicht ze vill optimistes wär, wat och ëmmer.

Ech wëilt zu dëser Ziffer vu plus 7 % dräi Saache soen:

- zum Éischten, dass déi Zifferen, déi de Statec asetzt, seng eege Responsabilitéit ass. An domadder wëll ech soen, dass de Statec komplett onofhängeg ass. De Staat an d'Regierung soen net dem Statec, wat fir eng Zifferen e soll wuer hirschreien. Si hunn hir Modeller a si hunn hir Onofhängegkeet a si hunn, wéi ech et scho virdru gesot hunn, eng super Aarbecht gemaach, andeem se eng nei Methodologie hei gebraucht hunn;

- dat Zweet, wat ech dozou wëll soen, ass, dass de Statec a senger Calcullen de Stabilisatiounspak matagerechent huet, wat aner international Organisatiounen schwéier konnte maachen, well se deen nach net kannt hunn;

- an dat Drëtt ass: Jo, et kann ee soen, dass 7 % e ganz héijen Taux ass. Kommt, mir kucken e bëssen zrëck! Déi lescht Joren hu mir zu Lëtzebuerg e Wuesstum vun 3 % bis 3,5 % gehat. An der Moyenne e ganz gutt Resultat. 7 ass natierlech spektakulär. Mee wann een dat vergläicht mat minus 6 2020, jo, wat mer do fäerdegbréngen, dat ass en fait, just ze kompenséieren, wat mer dëst Joer verléieren. An anere Wieder: Op zwee Joer gekuckt hätte mer dann en fait Stagnatioun. Zweek Joer mat null Croissance; ongeféier.

An dat ass deen Zenario, op deem mer schaffen. Also fir ze mengen, dass de Plus-7 % eppes immens Positives wär - ech wëilt och, et géif antrieden -, domat beschreiwe mer en fait, dass mer, op zwee Joer gekuckt, kee Wuesstum hunn. A mer hu Vergläichsméiglechkeete mat deem, wat 2008 bis 2012 geschitt ass. Do hu mer jo gesinn, wat geschitt, wann ee während e puer Joer kee Wuesstum huet. Wann een nämlech zwëschen 2008 an 2012 norechent, gesäit een, dass an där Period praktesch kee Wuesstum war.

D'Regierung, ech selwer an de Wirtschaftsminister, mir kënnen net an der Glaskugel liesen, fir ze wëssen, wéini d'Ekonomie erëm unzitt, a wellechem Mooss, mat wellecher Intensitéit. Verschidden Experte soen: „Dat do gëtt u-förmeg.“ Dat heescht, et geet erof, et bleift laang flaach an da geet et erëm erop. Anerer soen: „Et gëtt v-förmeg.“ Et geet elo ganz séier erof, mee et geet direkt erëm erop. Kee Mënsch weess et!

Wann ech d'Liichtathleetik géif als Beispill huelen, soen ech, do si Verschiddener, déi soen: „Dat do ass en Hürdelaf vun 110 Meter.“ Anerer soen: „Et ass e 400-Hürdelaf.“ An ech soen: „Et gëtt och nach en 3.000 Steeplechase. Do muss een och nach iwwer Waasser sprangen.“

Mee wéi gesot: Kee Mënsch weess et. A mir mussen déi Incertitude abauen a mat där liewen.

Wat huet d'Regierung gemaach? Mee si huet ganz séier op Basis vun deene schrecklechen Zifferen, wat de Wuesstum ubelaangt, e Stabilitéitspak am März ugehall, presentéiert. A grouss Deeler dovun si jo hei an der Chamber den 18. Abrëll per Gesetz ugehall ginn. Ech wëll och ënnersträichen, wéinst der Debatt, déi virdru war: Mir hu versicht als Regierung, wann et nëmme méiglech war, alles, wat kann duerch d'Chamber goen, wou et mat der Zäit opgeet, duerch d'Chamber ze huelen. An deem heite Pak, deen ass jo dann effektiv zum groussen Deel mat der Loi de garantie hei vun lech gestëmmt ginn.

Am März hate mer gesot, dee Pak géif 8,8 Milliarden Euro duerstellen. Haut soen ech lech, dass en 10,4 Milliarden duerstellt, oder 17,5 % vun eisem PIB. Ech soen lech dat en toute transparence. Firwat? Majo well dat evolueiert mat der Zäit a well mer jo gesinn, wat den Impakt vum Zoumaache vu ganze Secteuren op d'Wirtschaft huet.

Wat waren dann d'Prioritéiten vun dësem Stabilisatiounspak? Ech mengen, et waren der zwou: d'Gesondheet vun de Leit an d'Gesondheet vun eiser Wirtschaft.

Zur Gesondheet vun eise Leit wëllt ech ënnersträichen, dass mer an dese puer Méint schonn 194 Milliounen Euro méi ausginn hunn op d'Gesondheet, déi net virgesi waren: fir medezinnescht Material ze kafen, fir de Gesondheetssystem ëmzestellen, fir d'Schluss Kolpech ze transforméieren, fir d'Frontaliere kënnen ze hebergéieren, déi am Gesondheetssystem schaffen etc., etc.

An deene leschte Wochen a Méint hu mer immens vill getest. Mir sinn an Europa, an der

Europäescher Unioun, dat Land, wat am allermeeschte getest huet. A mir wäerten och an den nächste Wochen a Méint ganz flächendeckend weider testen. Dat ass eng Manéier, fir méi Con fiance ze kréien an e bessert Bild ze kréien, wou mer dann dru si mat der Diffusioun vun dësem Virus.

Gläichzäiteg hu mer natierlech, och verbonne mat der Gesondheet, de Congé pour raisons familiales sou breet wéi méiglech ausgeluecht. Dovunner hu 26.000 Salariéen profitéiert, vu 5.700 Entreprene. An do hu mer bis ewell 124 Milliounen Euro ausginn, an hunn, wann ech d'Ziffer elo richtig am Kapp hunn, 226 Milliounen fir déi ganz Period de Moment emol virgesinn.

Deen zweete Punkt ass d'Gesondheet vun der Wirtschaft. Ouni eng gesond Wirtschaft huet e Land keng Recetten an ouni eng gesond Wirtschaft hunn d'Leit keng Aarbecht. Dofir mussen mer alles drusetzen, fir dass eis Ekonomie en neie Start ka maachen, an dat esou fréi wéi méiglech.

Eis éischt Prioritéit war, d'Liquiditéit vun den Entreprene ze stäerken. An dat hu mer op vill Aart a Weise gemaach. Ech géif gäre als Alleréischte ënnersträichen, dass mer et fäerdegbruecht hunn, dat an enger Kooperatioun zwëschen dem Privatsektor an dem Secteur public ze maachen, an zwar an der Kooperatioun mat de Banken.

Mir hunn en Accord mat de Banken ofgeschloss, mat der ABBL a mat enger Retsch Banken - ech kommen nach dorop ze schwätzen -, fir dass Folgendes geschitt:

Moratoiren, déi bis sechs Méint kënne goen, huelen d'Banken all an hir Bicher. Do intervenéiert de Staat net. Dat ass eng Mesure, déi fir d'Betriber immens wichtig ass. An déi sechs Méint ... An all déi Demanden, déi gemaach gi sinn, sinn eng beträchtlech Zomm. Haut gekuckt si méi wéi 3 Milliarde Moratoire vum de Banke scho geneemegt ginn. An d'Banken hunn 98 % vun den Demanden ugehall. Dat heescht, d'Banke spillen d'Spill mat. Si hëllefen den Entreprene, fir hei iwwert déi Phas ewechzekommen.

An do dernieft hu mer en Accord mat de Banke gemaach, dat war och an der Loi de garantie, dass déi Préten, déi elo an dëser Phas geholl ginn, zu 85 % vum Staat garantéiert ginn, a 15 % vun de Banke selwer. Ganz kloer: Dësen Deel vu Loi de garantie vun 2,5 Milliarden, déi bis zu 3 Milliarde kënne finanzéieren, ass schonn en Deel vum Paket vun der Relance.

Ech géif gären deenen aacht Banken, déi sech dru bedeelegt hunn, Merci soen. Déi siwen, déi à l'origine derbäi waren, waren: d'Spuerkeess, d'BL, d'BGL BNP Paribas, d'Banque de Luxembourg, d'Raiffeisen, d'ING an d'Bank of China. A säit dëser Woch ass och d'Bank BCP derbäikomm.

Dës Garantie vun de Banke kommen zousätzlech zu anere Garantien, déi mer zesumme mat aneren opgeschafft hunn oder verbessert hunn. Ech denken un déi vun der SNCI, vum Office du Ducroire fir d'Entreprene, déi exportéieren - merci villmools, dat war eng ganz gutt Iddi -, fir d'Mutualitéit vun de Chambre-professionellen. An da wäert och um europäeschen Niveau an der Banque européenne d'investissement do eng Initiativ kommen. Et ass also wichteg, hei Hand an Hand ze schaffen.

Mir hu staatlech Hëllefen decidéiert, an zwar an enger Rekordzäit. Huele mer déi allerwichtigst, déi, déi am deierste kascht: Dat ass de Chômage partiel. Do gouf decidéiert fir déi Leit, déi Empfänger si vum Mindestlohn, dass déi elo 100%eg bezuelt ginn an net 80%eg, wéi dat normalerweis de Fall ass, an de Chômage - gradesou wichteg - gëtt de Moment par avance bezuelt. Dat heescht, d'Entreprise kréien en am Virus. Normalerweis - hors crise - gëtt deen a posteriori bezuelt. Erëm eng Kéier, fir d'Liquiditéit vun den Entreprene ze ënnerstëtzen.

Bei de Mikroentreprene, déi ënner 10 Leit sinn, hu mer eng éischt Hëllef vu 5.000 Euro gemaach. Déi ass net remboursabel an ass net besteiert. Mir hunn dunn nach eng zweet geholl vu 5.000 Euro, déi e bësse méi breet opgesat ass. An och eng fir Entreprene, déi tëschent 10 an 20 Leit hunn, eng Aide vun 12.500. A mir hunn eng Aide directe, och net remboursable an net besteierbar, fir d'Indépendanten.

Fir d'Startuppen hu mer och d'Kreditter, déi se kënne finanzéiert kréie vum Staat, vu 50 % op 70 % eropgesat.

Mir hunn awer och um Niveau vun de Steieren, direkten an indirekte Steieren, Mesurë geholl, déi hiresgläiche sichen am Ausland.